# POMPJEESVERBAND FLASH Juni 2022

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

Am Virfeld vu Nationalfeierdag zirkuléiert eng Mail am CGDIS wou dra steet, dass et net un de Buergermeeschtere wier fir an dësem Kader d'Medailen vum CGDIS ze verdeelen, des sollten am Büro vun de Zonen ofgeholl ginn.

Dorop hin huet de President, Marc Mamer, en Email un den CA geschriwwen. D'Gemengen sinn en Deel vum CGDIS. D'Verdeelen vun de Medailen an de Gemengen fir Nationalfeierdag ass Traditioun an eng Éier fir d'Leit, déi hir Medailen viru Public iwwerreecht kréien.

An der Sëtzung vum CA vum 16.06.2022 ass kloer an däitlech festgehale ginn, dass Buergermeeschteren natierlech d'Recht hunn d'Medailen ze verdeelen. Eng Note vun der Direktioun zu dësem Thema soll an de nächsten Deeg eraus goen.

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 16. Juni 2022 beschwat goufen.

- De President, Marc Mamer, ass mat de Keesserevisorinnen zesumme komm fir Problemer an der Comptabilitéit ze identifizéieren an ze verbesseren. Bei der Analyse ass eraus komm, dass et sech gréisstendeels em Buchungsfeeler aus dem Joer 2018 handelt. D'Feeler solle verbessert ginn an den Delegéierten verständlech an der aussergewéinlecher Generalversammlung am Hierscht presentéiert ginn. Des Aarbecht an Analysen daueren nach un well elo déi 4 Joer am Detail gekuckt ginn.
- Den Zentralvirstand huet eestëmmeg decidéiert, eng Reform vum Pompjeesverband anzeleeden, déi vun der Basis gedroe muss ginn. Den Exekutive Rot schafft iwwert de Summer eng Roadmap aus an presentéiert des an der aussergewéinlecher Generalversammlung am Hierscht.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 28 55 641 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 3, blvd. De Kockelscheuer
L-1821 Lëtzebuerg